N°2172
Entrée le 04.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 2172 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Dokumenter an digitaler Versioun fir de Gemengerot"**

Piècen, Akten an Dokumenter a Relatioun mat de Punkten déi um Ordre du Jour vun enger Gemengerotssëtzung stinn, mussen de Conseilleren a Pabeierform, op der Gemeng, während dem Convocatiounsdélai zur Verfügung gestallt gin. Déi Regel gëlt net fir een Dossier deen an enger anerer Form zur Verfügung gestallt get.

De Projet de Loi n° 8218 gesäit fir, dass den Dossier deen d'Conseilleren fir d'Préparatioun vum Gemengerot brauchen och elektronesch während dem Convocatiounsdélai kann zur Verfügung gestallt gin.

Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden